PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Ëmmer méi Mobil-Telefonie-Operateuren offréieren "Zero Rating"-Formulen, bei deene bestëmmten Apps vum Datevolume, fir deen ee bezuele muss, ausgeholl ginn. Dëst ass no der aktueller Gesetzeslag legal, huet awer, wéi eng rezent Studie vun epicenter.works an Zesummenaarbecht mat der Aarbechterkummer vu Wien an der Mozilla Stëftung erausfonnt huet, en negativen Effekt op d'Präisentwécklung. Dës Studie beweist, datt am Zäitraum vun der Observatioun an der ganzer EU d'Präisser vu mobillen Daten an der mobiller Telefonie am Schnëtt em 8% gefall sinn, wann keen sougenannten "Zero Rating" applizéiert gouf, wärend d'Präisser em 2% geklomme sinn, am Fall wou "Zero Rating"-Formulen offréiert goufen. Mir schwätzen hei also vun enger Differenz vun 10%.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Hunn d'Ministere Kenntnis vun der genannter Etüd?
- Wei eng Konklusiounen zéien d'Ministeren aus dëser Studie?
- Plangen d'Ministeren eng ähnlech Studie fir Lëtzebuerg an Optrag ze ginn, fir esou de geneeën Impakt vu "Zero Rating"-Offeren op Clienten an op d'Präisser z'analyséieren?
- Sinn d'Ministeren och der Meenung, datt "Zero Rating" zu méi héige Barrière féiert fir nei an innovativ Mobil-Telefonie-Servicer, sou wéi d'Auteure vun der Studie dat fir den europäeschen digitale Maart beleeën?
- Fäerten d'Ministeren, genee wéi d'Auteure vun der Studie och, datt duerch den obligatoreschen Asaz vun "Deep Packet Inspection" de gliesene Konsument entsteet an esou de Prinzip vun der Datespuersamkeet an dem Recht op informationell Selbstbestëmmung verletzt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député